

Werbeverbuet oder Reglementéierung, keng Warnungen.

Op eng Fro vun der Kolleegin Nancy Kemp-Arendt hin hat d'Ministesch op dee grouse Risiko fir d'Gesondheet higewisen an ugekënnegt, d'Regierung géif d'Ausland opmierksam beobachten, fir gegebenefalls ze reglementéieren. Ech hunn awer d'Impressioun, dass et an der Regierung zwou Meenunge gëtt, well Reglementéierung gëtt et net, awer an der Zwëschenzäit soll dat Produkt steuerlech mat Accisë belastscht ginn – wat indirekt heescht: Mer akzeptéieren dat Produkt.

An ech wollt dofir vum Minister wëssen, ob dat net e falsche Message ass no baussen, fir déi gëfteg Substanz, déi aggressiv vermaart gëtt, ...

*(Interruption par la présidence)*

... ze besteieren, dat ouni Reglementéierung: null Reglementéierung vun der Werbung, null Alterslimit, iwwerall konsuméiert, verdeelt. Ass dat net d'Päerd hannert de Won gespaant? A wéi soll dat weitergoen?

Här Minister, ech soen Iech och Merci, dass Der bereet waart, op déi Fro ze äntworten.

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Dir hätt och kënnen zu zwee drop äntworten. Merci.

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Merci och, Här President. A merci fir d'Zäit.

**M. Claude Wiseler, Président** | Dann ass d'Wuert fir den Här Finanzminister.

**M. Gilles Roth, Ministre des Finances** | Här President, Dir Dammen an Hären, ech soen dem Här Di Bartolomeo Merci fir seng mëndlech Fro. Menges Wëssens a mengen Informatiounen no, Här fréiere Gesondheitsminister, ginn déi sougenannten „Nikotinsäckelcher“ zanter 2022, also säit bal zwee Joer, zu Lëtzebuerg um Maart kommerzialiséiert.

*(Interruption)*

Dës Regierung ass gewëllt, dës Nikotinsäckelcher ze reglementéieren. An dat huet – Dir hutt dat richtig bemierkt – d'Gesondheitsministesch, d'Madamm Deprez, an enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro der Deputéierter Nancy Kemp-Arendt den 22. Januar 2024 och bestätegt. A si huet dat och nach eng Kéier widderholl de leschte Samschdeg am „Background“ um Mikro vum RTL.

A mat dem Budgetgesetz 2024, wat d'lescht Woch deposéiert gouf, gi mer eigentlech och op de Wee vun der Reglementation. Jo, d'Accisë wäerten – dat liest Der an der Loi budgétaire – ab dem 1. Oktober 2024 op den Nikotinsäckelcher erhuewe ginn. Fir et nach eng Kéier ze soen: Bis elo war dat net de Fall! Bis elo ginn déi Nikotinsäckelcher awer zu Lëtzebuerg kommerzialiséiert. An dat erlaabt dann och den Operateuren, sech den Douanes- an Accisëreegelen unzepassen.

D'Héicht vun den Accisen – ech soen et nach eng Kéier: déi et bis elo net ginn –, déi wäerten ab dem 1. Oktober och net vun dem Nikotingehalt ofhänken, mee d'Héicht vun den Accisë gëtt ganz einfach op de Kilo berechent. An dat sinn, wéi Der an der Loi budgétaire konnt noliessen, 22 Euro pro Kilo.

D'Fro, wéi d'Nikotinsäckelcher am Detail reglementéiert ginn, zum Beispill, wat hire maximalen Nikotingehalt ass – wat bis elo net de Fall ass, well et gëtt keng Reglementatioun, iwwregens schonn zënter

2022 –, dat ass och keng Fro, fir déi de Finanzminister zoustänneg ass. De Finanzminister ass zoustänneg fir d'Accisen. Deen huet seng Aufgab iwwerholl. Ab dem 1. Oktober dëst Joer wäert, wann de Budget gestëmmt ass, d'Taxéierung op deene Produiten, déi um Marché sinn, gräifen.

An domat soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Claude Wiseler, Président** | Ech soen dem Finanzminister Merci.

Da komme mer zur Fro Nummer 57 vum Här Gérard Schockmel un den Här Aarbechtsminister iwwert d'Flicht, fir obligatoresch konventionéiert Stagë vun iwwer véier Wochen ze bezuelen. Den Här Schockmel huet d'Wuert.

**– Question n° 57 du 12 mars 2024 de M. Gérard Schockmel relative à l'obligation d'indemnisation des stages obligatoires conventionnés dépassant la durée de quatre semaines, adressée à M. le Ministre du Travail**

**M. Gérard Schockmel (DP)** | Merci, Här President. Am Juli 2023 gouf am Code du travail den Artikel iwwert d'Stagë revidéiert. An zwar ass zanterhier elo virgesinn, datt och fir Studenten, déi de Bachelor an de Sozial- an Erziéungswëssenschafte maachen, Stagë bezuelt ginn, wann et e Stage ass, deen obligatoresch ass an dee méi laang wéi véier Wochen dauert.

Am Dezember 2023 hunn dann déi betrafte Studenten en oppene Brëif publizéiert, deen ënner anerem och un den Aarbechtsminister gaangen ass. Zënter der Aféierung vun dëser obligatorescher Indemnisation ass et tatsächlech méi schwéier fir déi Studenten, fir Stagëplazen ze fannen. Et gëtt eng ganz Rei Entitéiten, Institutiounen, déi net informéiert sinn iwwert dës Obligatioun, beziéungsweis déi hiren Obligatiounen net nokomme kënnen. Insgesamt huet sech domat de Choix vu potenzielle Stagëplazen drastesch reduzéiert. An dat ass natierlech e Problem fir déi Studenten, fir dann och hiert Studium zum Ofschluss ze bréngen.

An dësem Kontext wollt ech also dem Här Aarbechtsminister folgend Froe stellen: ob et zënter deem oppene Brëif zu engem Dialog tëschent de Studenten an dem Här Aarbechtsminister komm ass; ob dës Problematik bekannt ass a sengem Ministère; an och datt eeben déi Aféierung vun där obligatorescher Indemnisation Problemer bewierkt, wat d'Stagëplazen ubelaangt. An dann, ech mengen, wourëm et wierklech geet, ass: Wéi kann elo séchergestallt ginn, datt d'Applikatioun vun dësem Gesetz am Code du travail keng weider negativ Konsequenze fir déi betrafte Studenten huet, besonnesch am soziale Beräich?

Merci.

*(Interruption)*

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Schockmel. Dann huet elo den Här Aarbechtsminister d'Wuert. Här Aarbechtsminister.

**M. Georges Mischo, Ministre du Travail** | Merci, Här President. Just eng kleng Remark am Ufank: Dir hutt geschriwwen, Här Schockmel, „des stages obligatoires conventionnés dépassant la durée de quatre semaines“; et ass „à partir de quatre semaines“. Also, e klengen Ennerscheid.

D'Obligatioun fir d'Indemniséiere vun engem obligatoresche Stage besteet effektiv ab enger Durée vu véier Wochen. Dat ass am Artikel 152-4 vum Code du travail och esou festgehalen. Eng Derogatioun dozou ass awer ënner folgende Konditiounen am Code du travail virgesinn:

Éischtens: An der Convention de stage muss enger-säits stoen, dass d'Indemniséiere vum Stagiaire net erlaabt ass, an anerersäits, dass d'Anhale vun dësem Verbuet fir den Établissement d'enseignement eng Konditioun ass fir d'Unerkennung vum Stage.

Zweetens: De Stagiaire selwer muss beim Aarbechtsministère per E-Mail u stage@mt.etat.lu déi vum Gesetz virgeschriwwen Attestation d'exonération de l'obligation d'indemnisation ufroen. Dës Attestatioun kritt de Stagiaire, wann en eis virum Ufank vum Stage seng Demande mat Kopie vun der Convention de stage schéckt, fir dass mer kontrolléiere kënnen, dass déi vireg Konditiounen am Punkt 1 an der Konvention virgesi sinn.

An deem Kontext ass meng Servicer opgefall, dass d'Zuel vun den Demanden zanter September 2023 extreem an d'Luucht gaangen ass. Virun dësem Datum koumen tëschent 5 an 10 Demandë pro Mount eran. Am Verglach dozou läit d'Zuel momentan ongeféier bei 60 Demandë pro Mount. Tëscht 2020 an 2023 krute mir am Ganzen um Ministère 280 Demanden. Am Verglach dozou koumen innerhalb vun deenen zwee leschte Méint 122 Demanden eran, inklusiv fënnf Stagiaren, déi e Refus kruten.

Dës Erhéijung vun den Demanden ass sécherlech d'Resultat vum Gesetz vum 21. Juli 2023, wat virgesäit, dass ab September 2023 d'Stagë fir BTS-Formatiounen a generell am Beräich vun der Santé, der Educatioun a vum Sozialen och sollen indemniséiert ginn. Virdu war d'Indemnisiatioun bei de BTSen zum Beispill fakultativ.

An deem Kontext fält effektiv op, dass grad d'Studenten aus deene Beräicher bei mengen zoustänneg Servicer massiv Attestations d'exonération froen. De Problem läit also net am Aarbechtsministère, well do gi just Demanden traitéiert, déi déi jonk Leit eraschécken, mee éischer bei den Organismes d'accueil, déi, wéi mir gesot gëtt, gann dacks net iwwert déi néideg finanziell Moyene verfügen, fir déi obligatoresch 30 % vum SSM ze bezuelen.

Eng Entrevue ass net virgesi gewiescht, well och keng ugefrot ginn ass. Also, eng Entrevue kann och nach stattfannen, dat ass guer kee Problem, mee ech mengen, de Problem läit virun allem och bei eeben den Organismes d'accueil, an dat sinn an deem Fall virun allem d'Spideeler, wou déi meeschten Demanden erakommen.

Merci.

**M. Claude Wiseler, Président** | Merci, Här Aarbechtsminister. An domat si mer dann um Schluss vun eiser Froestonn fir haut ukomm.

## 6. 8295 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire général

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 8295 iwwert d'Aféierung vun enger Bähëllef fir Patronen, deenen hire Salariéen eng Berufsausbildung maachen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, déi jeeweileg Fraktiounen a Sensibilitäten hu fënnf Minutten an d'Regierung huet zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, d'Madamm Francine Closener, den Här Fred Keup, den Här Meris Sehic, den Här Ben Polidori. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Barbara Agostino. Madamm Agostino, et ass un Iech.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

**Mme Barbara Agostino** (DP), rapportrice | Merci fir d'Wuert, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, de Projet de loi, deen ech Iech haut virstellen, modifizéiert d'Gesetz vum 4. September 1990 iwwert d'Reform vum Enseignement secondaire général. Ech dierf drun erënneren, dass duerch d'Gesetz vum 12. Juli 2019 d'Méiglechkeet fir e Salarié geschafe gouf, fir eng Formation de base an eng Formation professionnelle während sengem Emploi ze suivéieren.

Bis ewell waren iwwer Règlement grand-ducal zwou Formatiounen en cours d'emploi während dem Schouljoer 2023/2024 virgesinn. Dëse Reglement baséiert op dem Artikel 42 vum ofgeännerte Gesetz vum 2008 iwwert d'Formation professionnelle, mat deem d'Formations professionnelles en cours d'emploi erméiglecht ginn. Bei dësen zwou Formatiounen handelt et sech ëm déi vum Aide-soignant, wou d'Zil ass, den Diplôme d'aptitude professionnelle aide-soignant ze kréien, an ëm d'Formatioun, fir Assistant d'accompagnement au quotidien ze ginn, wou d'Zil ass, de Certificat de capacité professionnelle assistant d'accompagnement au quotidien ze kréien.

Mat dësem Projet de loi soll eng finanziell Hëllef an d'Liewe geruff gi fir d'Employeuren, déi Mataarbechter hunn, déi eng Formatioun am Kader vum Artikel 42 vum genannte Gesetz maachen, well während de Stonnen, wou d'Salarié an der Formatioun sinn, feelee se natierlech op der Aarbechtsplaz. Dat stellt eng zousätzlech finanziell Belaaschtung fir hir Patronen duer. D'Zil vum Projet de loi ass, de Patronen eng finanziell Ënnerstëtzung zoukommen ze loosse fir déi Stonnen, während deenen d'Salarié d'Formatioun maachen an net schaffen.

Dofir muss awer d'Formatioun an engem ëffentlechen oder private Lycée oder an engem ëffentlechen oder private Formatiounszenter dispenséiert ginn, sou wéi et am Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwert d'Reform vum der professioneller Formatioun virgesinn ass.

Den Employé, deen d'Formatioun suivéiert, muss volljäreg sinn, als Salarié unhand vum engem Aarbechtskontrakt un eng Entreprise, Associatioun oder Fondatioun gebonne sinn, déi um lëtzebuergeschen Territoire etabléiert ass.

D'finanziell Kompensatioun ass geduecht fir Arbeitgeever, déi eng Convention de pratique professionnelle ënnerschriwwen hu fir dat entspreche Schouljoer. E gültegen Aarbechtskontrakt mam Salarié, deen d'Formatioun mécht an deem entspreche Beruffsdomän, muss den Employé virweise bei der Demande fir de Subsid. An dem Salarié seng Affiliatioun beim Centre commun de la sécurité sociale muss een och beleed kennen.

Fir all Formatiounsstonn während den Aarbechtshorären, déi e Salarié an engem Formatiounsetablissement verbréngt, kritt de Patron eng finanziell Kompensatioun, déi dem Taux horaire vum Salaire social minimum pour salariés non qualifiés entsprécht. D'Maximalunzuel u Formatiounsstonnen, déi an engem Formatiounsetablissement solle verbruecht ginn, entsprécht 16 Stonne pro Formatiounswoch. Den Etablissement soll och e Participationscertificat liwweren, an deem drasteet, wéi vill Stonne Formatioun de Salarié tatsächlech absolvéiert huet. Dëse Certificat ass och bei der Demande fir déi finanziell Kompenséierung bäizeleeën.

D'finanziell Kompensatioun, ëm déi et bei dësem Projet de loi geet, kann net cumuléiert gi mat aneren Aiden am Kader vum der professioneller Formatioun, déi mat ëffentleche Gelder bezuelt ginn.

Ech wëll och nach ënnersträichen, dass d'Zil vum dëser Mesür net eng integral Prise en charge vum de Stonnen, déi an der Formatioun verbruecht goufe während den Aarbechtsstonnen, ass, mee si entlaascht trotzdeem de Patron. Mat dëser Hëllef wëlle mir de Betriber ënnert d'Äerm gräifen, déi schonn an engem Secteur sinn, wou Personalmangel ass.

De Patron muss bei der Demande zousätzlech nach seng Coordonnéeën uginn an eng Déclaration sur l'honneur an e Relevé d'identité bancaire liwweren. D'Demande ka pro Mount agereecht ginn, allerspéitstens de leschten Dag vum Mount no dem Mount, an deem d'Formatioun während dem Emploi gemaach gouf, oder eemol järelech, allerspéitstens den 31. Oktober vum Schouljoer no dem Schouljoer, während deem d'Formatioun während dem Emploi gemaach gouf.

De Minister ka beim Centre commun de la sécurité sociale all noutwennege Informatiounen ufroen, déi him hëllefen, eng Entscheedung par rapport zu enger Subsidemande ze treffen. Domat sollen d'Abuse verhënnert ginn a verifizéiert kënnen ginn, dass d'Informatiounen, déi den Employé geliwwert huet, och richtig sinn. D'Steierverwaltung gëtt och iwwert d'Entscheidung vum Minister informéiert, wat d'Demande fir d'Subsiden ubelaangt.

Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, vum deem mir haut schwätzen, ass ab dem Schouljoer 2023/2024 applikabel.

Ech wëll elo nach op de Käschtepunkt vum dëser Mesür agoen. Et ass e Budget virgise vu ronn 856.000 Euro fir d'Schouljoer 2023/2024.

Ech géif dann och nach kuerz op d'Avisen agoen, déi zu dësem Projet de loi virleien.

D'Chambre des Salariés huet proposéiert, d'Méiglechkeet virzegesinn, dass d'Aide a méi Tranché kann ausbezuel ginn, fir eng reegelméisseg Kompensatioun vum dem Patron senge Käschten ze erméiglechen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Accord ginn a saluéiert déi nei Mesür.

D'Handelskummer huet d'Fro opgeworf, firwat d'Aide nëmme fir zwou Formatiounen reservéiert ass, wou awer e Personalmangel besteet a méi Beräicher. Si hätt och gäre gesinn, dass e Verglach tëscht der Mesür an dem Congé individuel de formation gemaach gi wier.

D'Berufskummer huet och d'Fro opgeworf, ob de Congé individuel de formation oder de Congé sans solde eventuell finanziell méi interessant wiere fir d'Employeuren.

De Staatsrot huet a sengem éischten Avis zwou Oppositions formelles virgeluecht. Bei där éischter huet e gefrot, fir entweeder déi exakt Unzuel u Formatiounsstonnen ze prezisiéieren während dem Emploi oder op d'mannst d'Maximal Unzuel vu Formatiounsstonnen. Bei der zweeter Opposition formelle goung et ëm eng Insécurité juridique beim Begrëff „double financement“, wou eng Prezisioun gefeelt huet.

Nodeems de Ministère en Amendement virgeluecht huet, konnt déi héich Kierperschaft hiren Accord zum Gesetz ginn.

Ech soen Iech all Merci fir d'Nolauschteren a ginn elo schonn den Accord vum der Fraktioun vum der Demokratescher Partei.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Agostino.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Paul Galles.

**Discussion générale**

**M. Paul Galles** (CSV) | Merci villmools, Här President. Ech wëll ganz kuerz heizou Stellung huelen. Et ass nämlech e Gesetzesprojet, dee mer ganz interessant fannen, engersäits well en nämlech de Patron entlaascht an anerersäits well en natierlech och de Salarié entlaascht an och de Salarié fideliséiert, well nämlech dee Choix, deen e muss treffen – eng Formatioun engersäits ze maachen an anerersäits eebe beim Patron ze schaffen – net méi e Choix ass, wou en dat eent géint dat anert muss ausspillen. Et ass also e Gesetzesprojet, deen eng Dier opmécht, fir villes, villes méi einfach ze maachen.

En plus muss ee jo och bedenken – an d'Madamm Rapportrice huet dat och an hirem Rapport ganz gutt gesot –, dass et hei ëm zwee Beruffer geet, déi wichteg si fir eis Gesellschaft, bezéiungsweis ëm zwou Formatiounen, déi e grouse Wäert hu fir eis Gesellschaft, nämlech déi vum Aide-soignant engersäits an anerersäits déi vum Assistant d'accompagnement au quotidien. An et sinn och déi Zuele genannt ginn, dass et do elo ëm 160 Kandidaten engersäits an 20 Kandidaten anerersäits, ongeféier, geet, déi am Moment dovun betraff sinn.

Erlaabt mer just, an eisem Numm och nach zwou Saachen derbäi ze soen, déi an dësem Gesetzesprojet och interessant sinn an déi een héchstwahrscheinlech och an Zukunft nach genau muss kucken.

Dat Éischt sinn nämlech déi Froen, déi tatsächlech d'Chambre des Salariés an d'Chambre de Commerce gestallt hunn, ob een net soll op aner Filiären nach iwwergoen. An d'Chambre de Commerce hat jo souguer eng systeemesch oder systematesch Approche do proposéiert, einfach déi Beruffer ze huelen, déi am Moment souzesoen „très en pénurie“ an der Gesellschaft sinn. Dat wär eng interessant Approche, ze kucken, ob een do eng Kéier e System opbaut, fir eebe genau déi Beruffer ze stäerken an och déi Leit eeben ze stäerken, déi an déi Beruffer wëllen eragoen, wou mer als Gesellschaft zesummen definéieren, dass mer déi Beruffer hei zu Lëtzebuerg besonnesch wëllen ënnerstëtzen, well mer se besonnesch brauchen.

An déi zweet Fro: Wat ech och ganz wichteg fannen, ass eeben dat mam Remboursement périodique, well mer do natierlech engem Rhythmus entgéintkommen, deen de Patron huet, dee muss déi Sue reegelméisseg kréien an net iergendwann eng Kéier zesummen als ee ganze Package. Déi ganz Tranchen an déi zousätzlech Tranchen, déi do agefouert gi sinn, wat och an der Kommissioun diskutéiert ginn ass ... a souwäit ech mech erënneren, war et de Kolleg Alex Donnersbach, deen et och vum eiser Säit erabruucht huet an och anerer, déi dat da formuléiert hunn als Uleies, dass déi Tranchen dann eebe reegelméisseg – an dësem Fall dann elo monatlech – och bezuelt ginn.

An dësem Sënn e Gesetzesprojet, deen eis wierklech gutt gefält an eis vollsten Ënnerstëtzung fënnt. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Galles. Dann ass et elo un der Madamm Francine Closener. Madamm Closener.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Merci, Här President. Kollegeinnen a Kollegen, d'Roll vum de soziale Beruffer an eiser Gesellschaft gëtt ëmmer méi wichteg, sief et an der Kannerbetreuung, an de Struktur fir eeler Leit oder bei der Betreuung vu Mënsche mat spezifesch Besoinen. An op villen anere Plaze gi qualifizéiert Leit aus deene Beruffer méi a méi gebraucht.

Dozou zielen eeben och den Aide-soignant an den Assistant d'accompagnement au quotidien, de



Successeur vun der Aide socio-familiale. Béd Formationne kënnen, wéi scho gesot, beruffsbegleedend absolviéiert ginn. A mir begrëssen natierlech all Moossmann, fir der Penurie an deem Secteur Meeschter ze ginn.

Mat dësem Projet de loi ginn d'Entreprise kompenséiert, wann hir Salarié sech während der Aarbechtszäit weiderbilden. Dat ass e wichtege Incentive, wou eigentlech jidderee gagnant ass. An déi finanziell Ënnerstëtzung ass awer eebe just op dës zwou beruffsbegleedend Formationne begrenzt an do rejoinnéieren ech den Här Galles: D'LSAP géif et begrëssen, wann an noer Zukunft weider Formationen derbäi géife kommen. Et gétt schliisslech vill aner Beruffer mat ganz groussem Personalmanckem, wou dës Modell einfach géif Sënn maachen.

An eisen Ae géif näischt dergéint schwätzen, wann de Minister d'Promotioun vun der Formation professionnelle en cours d'emploi wierklech wëilt weiderdreien, fir dës Modell dann eeben och bei anere Beruffer ze applizéieren.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Closener. An deem nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. An ech maachen et kuerz: Am Numm vun der ADR-Fraktioun ginn ech den Accord vun der ADR-Fraktioun. Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Keup. An dann ass et um Här Meris Sehovic.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | Merci, Här President. Och ech versichen, mech kuerz zefaassen. Ech soen der Rapportrice Merci fir en exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech wëll wierklech op déi Verbesserung hiweisen, déi mer gemaach hunn an der Kommissiounssëtzung, wat d'Periodicitéit vun de Kompensatiounsmesuren ugeet, dass mer do eriwuer gi vun engem System, wou et just alljoers méiglech ass, hin zu engem System, dee méi Flexibilitéit gëtt an Employeuren d'Méiglechkeet gëtt, fir all Mount eng Kéier d'Demande ze maachen. Dat fannen ech och eng wichteg Verbesserung, déi mer och an der Kommissioun esou zesummen diskutéiert hunn.

A fir de Rescht schléissen ech mech natierlech souwuel de Kollege vun der CSV wéi vun der LSAP u mat der Demande, dass mer deem dote System vun der Formation professionnelle en cours d'emploi elargéieren och nach op aner Beruffsbiller, wou mer Penurien hunn. Däer gëtt et der eng ganz Rei hei zu Lëtzebuerg. An ech mengen, dass mer hei e gudden Outil hunn, fir d'Promotioun vun deene Beruffsbiller besser ze maachen an Zukunft.

Ech soen Iech Merci a ginn natierlech den Accord vun menger Fraktioun.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Sehovic. Dann ass et elo um Här Ben Polidori.

**M. Ben Polidori** (Piraten) | Merci, Här President. Jo, dës Gesetzestext ass e wichtege Text fir Jonker dobaussen, och fir d'Leit, déi sech wëlle weiderbilden. Ech mengen, et mécht d'Saach méi einfach. Et kann een elo seng Formationne während der Aarbechtszäit maachen an et muss ee se net maache während der Zäit no der Aarbecht. Dat heescht, et kann ee weiderhi seng Zäit och vläicht mat der Famill, mat senger Léifste méi einfach verbréngen.

An ech mengen, dat ass e wichtege Punkt, wou hei och dru geduecht gouf, dass awer och elo de Patron deementspreechend entschiedegt gëtt fir deen Ausfall. Dat begrësse mer och. An ech ka mech och nëmmen dem Här Sehovic uschléissen, dass ech frou sinn, dass och déi Patronen, déi elo finanziell manner staark sinn, och kënnen dee Subsid, also déi Entschiedegung, ufroen op enger monatlecher Basis an net müssen e Joer waarden, bis se hir Sue kréien. An dat hunn ech eng gutt Saach fonnt. Dat war e konstruktivt Gespräch an der Kommissioun. Dat hunn ech och immens begrësst.

Domadder ginn ech ofschléissend och mäin Accord vun de Piraten an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Polidori. Dat war dee leschten ageschriwwene Riedner.

Dann huet d'Regierung elo d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech begrëssen déi breet Zoustëmmung hei zu dësem Gesetzesprojet.

Effektiv innovéiere mer. Zanter enger Rei vu Joren ass et theoreetesch méiglech, eng Berufsausbildung och en cours d'emploi ze maachen. Hei kommen zwou Formationen, wou dat elo ganz konkret gëtt. Och eng Formation, déi ee virdrun och beruffsbegleedend oder nieft der Berufsaktivitéit gemaach huet, déi awer net zu engem Ofschloss gefouert huet. Hei ass et elo e CCP amplat vun där Formation virdrun, vum Aide socio-familial. An dat féiert awer derzou, dass et en unerkannten Diplom hunn, dass ech en Diplom hunn, mat deem ech duerno och eng Kéier Accès op de qualifizéierte Mindestloun hunn an dass et an der ganzer Konstruktioun vun der Berufsausbildung eigentlech och voll integréiert sinn.

Mir denken natierlech dorunner, dass et net bei dësen zwou Formationen soll bleiwen. A mir sinn oppe fir all Dialog, virun allem mat de Beruffskummeren, déi och e Besoin sollen umellen, do wou et Leit gëtt, déi schonn an engem Secteur aktiv sinn, déi dann och wëllen eng beruffsbegleedend Formation, eng Berufsausbildung maachen, déi och deen Engagement wëllen hunn, do wou et Patrone gëtt, déi och hir Leit an deem Prozess wëllen encouragéieren, also wéi et hei gesot ginn ass: Do wou mer e Besoin u qualifizierter Main-d'oeuvre also nach hunn, brauche mer eigentlech de beruffsbegleedende Wee, fir och Leit herno an eng Qualifikatioun ze kréien a se awer weiderhin am Beruff ze halen.

Dat ass dat Essentielt hei vun dësem Modell, an awer hu mer och d'Basis geluecht vun der finanzieller Kompensatioun fir d'Patronen, well dann natierlech déi Agenten net esou vill um Terrain kënnen schaffen, well se an der Schoul sinn, an dat dann awer och dem Patron muss rembourséiert ginn. Dee Modell besteet also elo. D'Reegelen, d'Eckdate bestinn. An ech si ganz optimistes, dass mer an den nächste Joren nach déi eng oder déi aner Formation hei derbäi kréien.

Villmools merci fir Är Zoustëmmung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Minister. Domat ass dann d'Diskussioun ofgeschloss.

Ech erënneren Iech drun, dass, wann Der wëllt elo matstëmmen, Der besser hutt, Iech anzeloggen, ansonste geet dat net fir matzestëmmen.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8295. Den Text steet am Document parlementaire 8295<sup>8</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8295 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Mir kommen zu de Votes par procuration. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass dat folgend: Jo-Stëmmen: 60, Nee-Stëmmen: keng, an Enthaltungen deemno normalerweis och keng. Domat ass de Projet de loi eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Octavie Modert), MM. Maurice Bauer (par M. Laurent Mosar), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert (par M. Paul Galles), MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding);*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig;*

*MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring;*

*MM. Sven Clement (par M. Ben Polidori), Marc Goergen et Ben Polidori;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 7. 8313 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 1<sup>er</sup> décembre 1992 portant

**1. création d'un établissement public pour le développement de la formation professionnelle continue, et**

**2. fixation des cadres du personnel des Centres de formation professionnelle continue**

Mir kommen elo zum Projet de loi 8313 iwwert d'Ofännerungen an d'Prezisiounen esouwuel vun der Roll wéi och vum Fonctionnement vum INFPC. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet zéng Minutten, déi jeeeweileg Fraktiounen a Sensibilitéit fënnf Minutten, d'Regierung huet zéng Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jeff Boonen, d'Madamm Francine Closener, den Här Fred Keup, den Här Meris Sehovic an den Här Ben Polidori. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Barbara Agostino. Madamm Agostino.